N° 8346
Entrée le 25.09.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.09.2023

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. September 2023

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Op enger Pressekonferenz huet den Här Minister den 21. September 2023 betount, datt zanter 2020 insgesamt 780 Leit bei der Police agestallt goufen. Fir d'nächst Joer, sou sot den Här Minister, ass virgesinn, 160 weider Persounen ze rekrutéieren an ze forméieren.

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Kann den Här Minister déi 780 rekrutéiert Persounen opglidderen no Alter, Ofschlossdiplom, Geschlecht, sportlechem Niveau a linguistesche Kenntnesser, déi iwwer eis dräi Verwaltungssproochen erausginn?
2) Wat de sportlechen Niveau ugeet, deen erfuerderlech ass, fir bei der Police opgeholl ze ginn: Wéi verhält sech deen am Verglach zum sportlechen Niveau, dee fir d'Opnam an d'Arméi verlaangt gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten